

Mir schummen eis net zu Hesper – mir maachen nämmen eis **Aarbecht** eng (kleng) Differenz!

D'Sëtzung vum Gemengerot vum 16. September 2024 war markéiert vun onbegrënnte Virwërf géint d'Oppositioun.

De Buergermeeschter Marc Lies huet Punkt 16 bei der Gemengerotssëtzung monopoliséiert an d'Sëtzung direkt no senger Interventioun zougemaach, ouni der Oppositioun d'Méiglechkeet ze ginn, ze reagéieren. Doduerch huet hien der Oppositioun effektiv hiert Recht op eng Äntwert verweigert.

Du jamais vu!

D'Aschrenkung vun der Meenungsfräiheit an dem Recht op eng Äntwert (Droit de Réponse) vun d'Oppositioun während enger Gemengerotssëtzung stellt eng eescht Verletzung vun de fundamentale Prinzipien vun eisem Rechtsstaat duer.

Dës Verstéiss sinn nach méi gravéierend, wann de Buergermeeschter virun de Kameraen d'Oppositioun zu Onrecht beschëllekt.

Et ass dofir émsou méi noutwenneg, d'Fakten ze verbesseren an dëse krasse Verstuoss géint d'Rechtsstaatlichkeit ze denoncéieren.

Als Oppositioun hu mir eis Roll als Kontrollorgan vun der Majoritéit erfëllt a sinn eise Flichten nogaangen.

Mir hunn am Aklang mat eiser Funktioun gerechtfärdegt Froen zu der Ernennung vun engem Koordinator fir de "Pacte intercommunal" gestallt, wat zu enger legitiméierter Preoccupatioun gefouert huet.

Eis Bedenke goufen duerch den Inneminister unerkannt, deen d'Decisioun vun der Majoritéit, dës Ernennung duerchzeféieren, annuléiert huet.

D'Interventioun vum Inneminister bestätegt eis Positioun a weist, datt mir korrekt gehandelt hunn!

Als Oppositioun hu mir eis Missioun erfëllt, d'Majoritéit ze kontrolléieren an d'Interesse vun de Bierger ze verdeedegen, an dat mat Integritéit a Verantwortungsbewosstsinn.

Wat d'Virwërf ugeet, mir hätte géint d'Verfassung oder d'Allgemeng Datenschutzveruerdnung (RGPD) verstouss, ass et wichteg ze betounen, datt et net an der Kompetenz vum Buergermeeschter läit, dës juristesch Froe selwer ze entscheiden, a nach manner, fir sech un d'Plaz vun den zoustännegen Autoritéiten ze setzen.

D'Virwërf vum Här Buergermeeschter Marc Lies si plëtzlech, onbegrënnt a juristesch net drobar. Si sinn absolut onwierdeg fir een Deputierte-Maire a verstousse géint d'Grondprinzipie vun der Onscholdsvermuddung, engem fundamentalen Eckpfeiler vun eisem Rechtsstaat.

D'National Dateschutzkommissioun (CNPD), déi mat dësem Fall befaasst ass, huet bis elo nach keen Ofschlossbericht virgeluecht. Bis dësen eraus ass, ass et inakzeptabel, datt de Buergermeeschter sech erlabe kann, virzeginn, ze riichten an ze verurteelen, ouni déi zoustänneg Conclusiounen ofzewaarden.

En plus gouf der Oppositioun keng Méiglechkeet gebueden, op dës Virwërf ze äntweren!

Dës Handlungsweis vum Buergermeeschter ass e flagranten an inakzeptable Verstouss géint déi fundamental Prinzipien vum Rechtsstaat.

Esou Praktiken hunn an engem demokrateschen Debat näischt verluer!

Als Oppositioun wölle mir nach eemol énnersträichen, datt mir eis an éischter Linn dem Déngscht un de Biergerinnen a Bierger vun der Gemeng Hesper verflichten, an trotz de Versich, eis ze diskreditéieren, mir weiderhin eis Verantwortung mat Intégritéit erfëllen a wouer huelen.

Déi ganz Affär hätt kënne verhënnert ginn, wann d'Majoritéit sech während dem huis clos de konstruktive Bäitrag vun der Oppositioun ugeholl hätt.

Mir schummen eis net! Mir maachen eis Aarbecht.

Mir schummen eis net zu Hesper - mir machen nemmen eis Arbescht Eng (kleng) Nuance !

La séance du conseil communal du 16 septembre 2024 a été le théâtre de multiples accusations sans fondement à l'encontre de l'opposition.

Monsieur le Bourgmestre Marc Lies a monopolisé de point 16 lors de la séance du conseil communal, qu'il a ensuite clôturée immédiatement après son intervention, sans donner à l'opposition l'opportunité de répondre. Ce faisant, il a en effet dénié à l'opposition son droit de réponse.

Du jamais vu !

Refuser la liberté d'expression à l'opposition en séance du conseil communal porte atteinte aux fondements même de notre Etat de droit, d'autant plus quand le Bourgmestre l'accuse à tort devant les caméras.

Il est dès lors indispensable de rétablir les faits et de dénoncer cette flagrante atteinte aux principes fondamentaux.

En tant qu'opposition, nous avons assumé notre rôle et rempli nos obligations !

Nous avons soulevé des questions légitimes concernant la nomination d'une coordinatrice pour le « pacte intercommunal ».

Le bien-fondé de nos préoccupations a été confirmé par le ministre de l'Intérieur, qui a pris la décision d'annuler cette nomination soutenue par la majorité. C'est à la suite de notre interpellation du ministre de l'Intérieur que ce dernier s'est prononcé en annulant la décision de nomination.

En tant qu'opposition, nous avons rempli notre mission de contrôle de la majorité et nous avons agi en bon père de famille.

En ce qui concerne les allégations portant sur la violation de la Constitution ou du règlement général sur la protection des données (RGPD), il convient de rappeler qu'il n'appartient en aucun cas à un bourgmestre de se prononcer sur de telles questions, encore moins de se substituer aux autorités administratives ou judiciaires compétentes.

Les accusations lancées par le Bourgmestre Marc Lies sont non seulement précipitées et dénuées de tout fondement, mais elles sont indignes et indéfendables, totalement indignes de la stature d'un député-maire.

Elles foulent aux pieds la présomption d'innocence, ce pilier inébranlable de notre État de droit.

À ce jour, tant que la Commission Nationale pour la Protection des Données (CNPD), saisie de cette affaire, n'a pas rendu son rapport, il est inacceptable que le bourgmestre se permette de juger et de condamner sans attendre les conclusions des autorités compétentes et sans accorder un temps de parole à l'opposition.

La démarche du Bourgmestre Marc Lies constitue une atteinte claire, flagrante et inadmissible aux principes fondamentaux de notre État de droit.

De telles manœuvres n'ont pas leur place dans le débat démocratique et sont particulièrement indignes d'un député-maire d'une des plus grandes communes du Grand-Duché.

En tant qu'opposition, nous réitérons notre engagement à servir l'intérêt des citoyens. Nous continuerons ainsi à remplir notre devoir avec la plus grande responsabilité, malgré les tentatives de discrédit qui visent à affaiblir le débat démocratique.

Finalement, toute cette affaire aurait pu être évitée si la majorité avait pris le soin de tenir compte des observations de l'opposition lors du huis clos!

